N°1815
Entrée le 22.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2025

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 21 Januar 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden:

„Eis Baueren a Gäertner engagéieren sech fir eis national Offer u landwirtschaftleche Produkter ze steigeren. An dësem Segment sinn och subventionéiert Beschäftegungsinitiative vertrueden. Dës Initiative leeschten eng wäertvoll Aarbecht wann et ëm d'Reintegratioun vu Mënschen op den éischten Aarbechtsmaart geet. Et kann oder kéint awer sinn, dass dës Initiativen duerch kompetitiv Avantagen eise Baueren a Gäertner bei der Produktioun vu Liewesmëttel an deem engen oder anere Fall eng (ongewollte) Konkurrenz maachen a soumat d'Beméiunge vu Baueren a Gäertner, fir manner ofhängeg vun Importer ze ginn, bremsen.

An deem Kader wollte mir dofir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau follgend Froe stellen:

- Sinn der Madamm Ministesch esou Fäll vu Konkurrenz bekannt?
- Wéi positionéiert si sech allgemeng zu dëser Thematik?
- Gedenkt d'Madamm Ministesch den Dialog mam Aarbechtsminister ze sichen, fir datt ee vu vir eran esou onglécklech Situatiounen am Interessi vun eise Baueren a Gäertner vermeide kann?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten

N°1815
Entrée le 12.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 1815 vun den éierbaren Deputéierten André Bauler a Luc Emering**

**Sinn der Madamm Ministesch esou Fäll vu Konkurrenz bekannt?**
Bis elo ass eis ee Fall bekannt, an deem d'Fro vun enger méiglecher ongewollter Konkurrenz opgeworf gouf. Sollte weider Fäll bekannt sinn, si mir oppe fir all weideren Hiweis vun den honorabelen Deputéierten.

**Wéi positionéiert si sech allgemeng zu dëser Thematik?**
Mir begréissen déi subventionéiert Beschäftegungsinitiativen a schätzen hir wäertvoll Aarbecht, besonnesch am Beräich vun der Reintegratioun vu Mënschen an d'Beruffsliewen. Si droen zu enger sozialer a wirtschaftlecher Inclusioun bäi, wat eng essentiel Roll fir eis Gesellschaft spillt. Gläichzäiteg ass et eis wichteg, datt dës Initiativen net zu enger ongewollter Konkurrenz fir eis aktiv Baueren a Gäertner féieren.

**Gedenkt d'Madamm Ministesch den Dialog mam Aarbechtsminister ze sichen, fir datt ee vu vir eran esou onglécklech Situatiounen am Interessi vun eise Baueren a Gäertner vermeide kann?"**
Ech si mam Här Aarbechtsminister am reegelméissegen an enken Dialog. Zousätzlech ass eng Entrevue tëscht den zoustännege Beamten aus de betraffene Ministère virgesinn, fir d'Thematik ze analyséieren.

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2025

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN